Dir Dammen an Dir Hären,
Leif Frënn,
Leif Memberen,

Eigentlech hate mäer als Mouvement Ecologique decidéiert, datt mäer d'Oekofest dëst Joer net wéilte mat enger politescher Ried alauden. Dat no der Devise: Haut freeë mäer eis virun allem op e schéint Fest mat flotten Aktivitéiten a Mateneen an eiser charmanter Heemecht Pafendall.

Ënn der Woch hu mäer eis awer gesot: Jo, sécher feiere mäer! Ma an der ablécklecher politescher Situatioun an deem wat esou geschitt, gehéiert et fir e Mouvement Ecologique awer derzou, am Ufank vum Fest e puer méi grondsätzlech Aussoen ze maachen.

Kennt Dir d'Geschicht vun der Madamm Von der Leyen hirem Pony? Ma hire Pony gouf Ënn 2022 vun engem Wollef gerass a si an hir Famill waren dowéinst extrem traureg, wat ee ganz gutt versteet. Et kéint een elo soen: Dat kënnt fir, esou ellen et ass. Ma wann der neier Kommissiounspresidentin hire Pony esou gestuerwen ass, bléift et scheinbar net do derbäi.

Et gëtt op EU-Niveau Länner, déi zënter Jore probéieren, de Schutzstatus vum Wollef erofzesetzen. Am Kloertext: de Wollef soll dierfe geschoss ginn. Bei de jeeweilegen Diskussiounen / Ofstëmmunge koum et bis elo op all Land un.

An elo déi gutt Noricht: Lëtzebuerg ass bis elo op der gudder Säit.

Eist Land, Regierung an Ëmweltministère hunn domat follgend Iwwerzeegunge gedeelt: De Wollef ass wichteg fir eis Biodiversitéit, e gehéiert zu eis a mäer

begréissen, wann en erëmkennt. De „Retour vum Wollef“ ass e gutt Zeechen. Kéi, Schof a Ponye sollen esou wäit et geet geschützt ginn a wann der awer eng Kéier gerass ginn, soll iwwert Entschiedegunge geschwat ginn.

Mais elo kennt et: de nächste Mëttwoch ass den entscheedende Vott heizou op EU-Niveau. A wat sinn d'Rumeuren: Lëtzebuerg hätt seng Meenung geännert, géing elo d'Bündnis vun de Länner, déi fir de Schutz vum Wollef sinn, verloossen. Spréch: Opmaache fir d'Ofschéissen. Zur Erënnerung: et kënnt op all Land un…

A wat gëtt nach esou gesot: Dat ganzt wäer och e bësschen en Deal gewiescht **vun EVP-CSV** - der Madamm Von der Leyen, där den Dossier opgrond vun hirem traumateschen Erliefnis besonnsech wichteg wäer - engem Christophe Hansen, Martine Hansen, dem Luc Frieden deem säin **Häerz fir d'Biodiversitéit nach net erkennbar** ass - an engem Serge Wilmes, dee wuel senger Responsabilitéit an deem ganze Gefüge net gewuess ass.

Normalerweis gräife mäer als Mouvement Ecologique kéng esou „Rumeuren“ no baussen op, wa mäer eben net wëssen, op se zu 100% wouer sinn. Mäer sinn ëmmer ganz mat Sachargumenter ënnerwee, dat mécht eis aus.

Mais: mäer wollte mam Minister Serge Wilmes driwwer schwätzen an hunn hie kontaktéiert fir seng Vue an de Lëtzebuerger Standpunkt ze héieren, wat eis leider net gelongen ass. Den Häer Wilmes huet geschriwwen, e géing eis au courant hale ma sot eis awer näischt. Den Här Minister Wilmes wuar och nach bis e Freiden op der Ouverture vun haut ugemellt an huet sech du Mëttes aus Zäitgrënn 2 Deeg virun der Ouverture awer ofmelle gelooss.

Ein Schelm der Böses denkt.

Wa mir dës Kéier esou Rumeuren hei uschwätzen, dann ass et, well sech hei an dësem klengen Dossier esou vill erëmspigelt, wou d'Problemer an der Lëtzebuerger Politik leien:

- **<u>Bis elo gëtt et keng wierklech Diskussioun a sachlechen Austausch iwwert relevant Dossieren!</u>**

  Nach virgëscht huet den Observatoire vum Naturschutz, engem Fachgremium, deen de Minister a Naturschutzfroe berode soll, eng Sëtzung gehat. Do stoung dësen Dossier net um ordre du jour. Falls eis Regierung also hir Meenung

geännert hätt: ween huet dat wéini wou op Grond vu wéi engen Argumenter geschwat?

Dat selwecht gëllt leider net nëmme fir dësen Dossier. Wa mer just bei dëser Woch bleiwen: Dës Woch sinn d'Subventioune fir E-Autoen drastesch erofgesat ginn. An de Meco ass jo net bekannt derfir, datt mir eis staark maache fir Autoen. Ma mäer wëssen och, datt d'Energietransitioun net geléngt, wann net den E-Auto de Verbrenner ofléist. D'Subside fir déi dach nach gutt Klass vun E-Autoen tëscht 16 kWh/100 km an 18 kWh/100km soll elo vun 8.000 op 3.000.- Euro erofgesat ginn. Mäer fäerten duerfir als Meco, datt déi drastesch Reduktioun vun de Subsiden ze frei kënnt an datt erëm wesentlech mei Leit e Verbrennerauto kafe wäerten. Domat géing Lëtzebuerg seng Klimaziler net erreechen. Firwat och gëtt net iwwert e Malus-System fir besonnesch belaaschtend Autoe geschwat, wéi et se a Frankräich gëtt.

Ma lassgeléist elo dervu wee Recht huet: Geschwat goufen dës zur Diskussioun stoend Ännerungen eigentlech transparent net! De Minister sot zwar e Mëttwoch an der zoustänneger Chamberkommissioun en hätt mam Secteur geschwat. Mat weem dann? Ob alle Fall gouf z.B. net an der „plateforme climat" aus Gewerkschaften, Patronat, Zivilgesellschaft a Gemengen, déi d'Regierung berode soll, driwwer geschwat. Déi gouf iwwregens an dëser Legislaturperiod nach kéng eng Kéier aberuff! An dobäi geet et en net manner wéi d'Anhale vun eise Klimaschutzziler.

Weider Beispiller vun Net-Debat gëtt et der nach ganz vill. Den Dossier „méi a méi séier bauen"- wou op Käschte vun der Biodiversitéit soll vermeintlech méi séier gebaut ginn, dem Landwirtschaftsdësch wou Biobaueren an Ëmwelt-ONGen net zougelooss wuaren (ma awer ëmmerhin de klassesche landwirtschaftleche Secteur).

Bis elo steet dës Regierung a leider och „eise" Minister, an eisem Secteur vill ze vill fir e Net-Debat, weder mat den derfir agesate Gremien, nach mat der Zivilgesellschaft. Transparenz iwwer wichteg Theme gëtt et net.

An et ass awer nëmmen duerch en transparenten Austausch an Diskussioun, wou esou Rumeure, wéi déi genannte, kenne positiv ugaange ginn – wou mäer och als Gesellschaft virukommen.

- **Ma ginn d'Entscheedunge wéinstens opgrond vu Sachfakten, wëssenschaftlechen Erkenntnisser geholl? … ass déi aner zentral Fro**

Zumindest no baussen erkennbar net wierklech.

Falls et stëmmt, datt eis Regierung hir Meenung am Dossier Wollef geännert hätt: Eis si kéng wëssenschaftlech Fakte bekannt, déi dëse Revirement géinge fachlech ënnermaueren.

Grad esou wéineg, wéi eis Berechnunge bekannt sinn aus deenen ervirgeet, datt d'Erofsetze vun de Subside vun den E-Autoen an där Form zilféierend a net am Widdersproch zum nationale Klima- an Energieplang steet.

Grad esou wéineg, wéi am Dossier „méi a méi séier bauen" erkennbar ass, datt déi nei Moossnamen, et ass elo net d'Plaz fir an den Detail ze goen, och nëmmen annähernd de Verloscht vun der Biodiversitéit vun de Bauprojete géinge kompenséieren.

Mir vermëssen eendeiteg, datt dës Regierung an eisem Secteur hir Projete sachlech, fachlech ënnerleed. Et geet eis definitiv net mei duer, datt d'Haaptrechfertegung de Motto „Vereinfachung vun de Prozeduren Haaptzil ass".

D'Fro ass schlussendlech: Wéi eng Wäerter, dréift dës Regierung virun?

- **Ass dann den Image, deen si sech ginn, „mäer packen Dossieren" un, gerechtfertegt?**

An eisem Beräich bis elo net!

Renaturéierunge kommen net wierklech virun, vum Ofschafe vun ëmweltschiedleche Subventioune (déi wuel Honnerte Milliounen ausmaachen) gëtt net geschwat, vun der Landesplanung héiert een näischt méi, eng seriö Diskussioun iwwert d'Entwécklung vun enger CO_2-Steier – enger nohalteger a sozialer Transitioun a villem méi gëtt et net.

An zeguer d'Recht op fräien Zougang zu Informatioune fir Leit gëtt net verbessert. Mäer haten zwar en Austausch mam Premier zum Thema. Ma elo gëtt d'Situatioun fir d'Press gesetzlech verbessert – woubäi déi Reformen der Press och net weit genuch ginn. Ma et gëtt net dervu profitéiert, fir am selwechte Gesetz och eppes fir d'Leit ze maachen. All Propose leien um Dësch. Transparent driwwer geschwat gëtt net… D'Leit behalen en „Informatiounsverhënnerungsgesetz".

Mais zeguer esou ganz harmlos a kleng Dossiere kommen net virun: Wann ee keng Reklammen a senger Breifboîte well, ass een haut méi schlecht dru wéi nach virun 2 Joer. Dat neit Offallgesetz ass do leider net gutt. Mais gëtt dat bescht draus gemaach oder nogebessert? Gewass.

Just eng Boutade, déi esou villes ausseet: Kloer verbuede sinn awer déi kleng Schëlder vun Autosfirmen ënnert de Wischeren asw, déi awer nach ëmmer weider daper verdeelt ginn. An elo eng reell Geschicht: e Mann, deen esou e Fall bei der Ëmweltverwaltung gemellt hat, krut vun der Verwaltung gesot si kéinten déi Firma net identifizéieren an hätten dowéinst keng Méiglechkeet ze intervenéieren. Sic! D'Telefonsnummer steet jo awer drop, soss hätt dat Ganzt jo kee Sënn…

Nee, an eisem Beräich ass d'Regierung bis elo alles anescht wéi „Macher" an d'Dossieren ugoen.

- **<u>Ma déi grondsätzlech Fro ass natierlech: Wou steiert dës Regierung an de wichtegen Zukunftsberäicher hin? Ass dat mëttlerweil erkennbar?</u>**

Mäer fuerderen dës Regierung nach eng Kéier op sech de wesentlechen

Zukunftsfroen ze stellen:

- Mäer kennen op enger Welt mat begrenzte Ressourcen de Wuelstand net weider duerch d'Uwuesse vum Materiellen definéieren. Mir brauchen en neie Wuelstandsmodell. Mäer brauchen Zukunftsvisiounen, wéi e Land kann ausgesinn, dat net de 14.ten Februar schonn de Overshootday erreecht.
- Mäer brauchen eng Politik, déi sech hirer Verantwortung fir eng méi gerecht Welt bewosst ass, virun allem och an der Migratiounspolitik, dem Klima- an dem Biodiversitéitsschutz. Déi sech och eiser historescher „Schold" am Klimaberäich bewosst ass, déi gesäit wat grad weltwäit ofgeet un Iwwerschwemmungen, Tornadoen an dës Thematik desto mei konsequent ugeet. Déi och net Länner aus dem Süden opfuerdert hir Aarten ze erhalen awer hei de Wollef dem Ofschoss fräi gëtt.
- Mäer brauchen e Modell, wéi mäer net nëmmen eng pragmatesch Klimaschutz- an Ëmweltpolitik kënne maachen, déi d'Leit mathëlt – wéi de Slogan ass – ma och eng déi déi néideg Ziler erreecht. Ech spiere mech grad weder matgeholl nach weess ech wéi eng Ziler wéini sollen erreecht ginn.
- Mäer brauchen e Modell, wéi eist Land méi sozialgerecht ka ginn a wéi och finanzschwaach Haushalter an der Energietransitioun kënne matgeholl ginn.
- Eng Politik, déi sech um „Gemeinwohl" orientéiert- déi och en Halt gëtt an Zäite wou näischt laanscht e Wandel feiert.
- Eng Politik, déi sech net als bessere Verwalter vu Problemer probéiert ervirzedoen, ma déi mat Kreativitéit de Fong vun de Problemer ugeet.
- Mäer brauchen eng Politik, déi erkläert, datt Changementer elo néideg sinn, Sënn erginn… fir datt et eng besser a sécher Zukunft ka ginn.

Här Frieden, Dir Dammen an Häre vun dëser Regierung an och vun de Regierungsparteien: Ech si mäer ganz sécher, datt sech vill Leit vun Iech an der Politik erwaarden, datt Dir dës Froen ugitt. An zeguer wann et net vun de Leit ageklot gëtt: Politik huet eng Responsabilitéit par Rapport zu de kommende Generatiounen. Huet d'Responsabilitéit iwwert Kuerzfristegkeet eraus ze gestalten. An et gëtt genuch Analysen déi weisen: D'Vertrauen, datt esou eng sozialgerecht

Zukunftsgestaltung geschitt ass zentral, fir rietsextremen Tendenzen entgéint ze wierken an och Vertrauen an d'Glafwierdegkeet vun der Politik ze erhalen.

Ech kommen zum Schluss.

Wéi ech wéini den héich sachleche Chef vun der internationaler Kooperatioun vu Caritas, de Michael Feit, um 100,7 iwwert déi dramatesch mënschlech Auswierkunge vun der Caritas-Affär fir bestëmmt international Projeten a Leit vun do héieren hu schwätzen, hat ech – wéi wuel och anerer – Tréinen an den Aen.

Kuerz drop hunn ech den exzellenten Artikel an der Zäitschrëft Forum zum Dossier Caritas gelies, wou ech een Zitat well eraushuelen:

„Anders als Friedens Hausbank BIL, die 2009 im Rahmen der damaligen Dexia mit 376 Millionen Euro an luxemburgischen Steuergeldern vor dem Bankrott gerettet wurde, scheint der größte Sozialdienstleister Luxemburgs, die Caritas, offenbar nicht von systemischer Bedeutung für den Sozialstaat Luxemburg zu sein."

Här Frieden, Här Bettel, déi ganz Regierung an awer och d'Regierungsparteien:

D'ONGszeen - d'Zivilgesellschaft ass net perfekt! Wéi keen….

Ma mäer wësse genau wéi wichteg ONGen, wéi wichteg mäer sinn.

Mäer stinn zu ONGen, déi net nëmme Servicer maache wou de Stad frou driwwer ass, ma fir ONGen déi sech kritesch a konstruktiv an de gesellschaftlechen Débat abréngen. Déi bereet sinn, hiert Häerzblutt, hir Zeit, hir Kraaft, hir Iwwerzeegung anzebréngen. Déi eng staark Stëmm sinn am gesellschaftlechen Debat an ëm gesellschaftlech Wäerter réngen.

Et ass duerch d'Zesummespill vu verschiddene Meenunge wou sech e Land weiderentwéckelt. E Land ass kee Betrib, keng duerchorganiséiert Struktur - eng demokratesch Gesellschaft ass e liewege Kierper.

An ech soen dëst natierlech och am Kontext vun der Caritas-Affaire, ma net nëmmen. D'„Reformen", déi am Kooperatiounsberäich geschwat ginn, ginn ze denken, a jo, och bei eis am Ëmweltberäich stellt een sech ëmmer mei Froe wéi et weider geet.

A mäer hunn nawell dëse Message un d'Regierung: Mäer stinn zu ganz vill zesummen!

Et komme mat dem do politesche System keng einfach Zäiten op eis als Mouvement an op eis als engagéiert Zivilgesellschaft duer. Mäer als Mouvement wäerten op alle Fall der Regierung, de Ministèrë weiderhin eis Kooperatioun, eise kritesch konstruktiven Input ubidden.

Den Här Feit vun der Caritas sot zum Schluss vu sengem Interview, datt hee wéilt all de Misär vun elo a Kraaft ëmwandelen.

Et si wierklech keng einfach Zäite mat alle Krisen, déi et weltwäit gëtt an de verschiddenen Entwécklunge fir nach Kraaft ze hunn, Kraaft ze hunn fir sech fir eng besser Welt anzesetzen. An och mäer ginn heiansdo gefrot, wéi een iwwert Joren déi Kraaft huet fir weider ze maache: ma et ass eigentlech esou einfach: d'Loscht Problemer vun haut kreativ unzegoen, d'Léift zur Natur an de Mënschen, d'Begeeschterung u positiven Zukunftsbiller ze schaffen, d'Welt haut méi gerecht an déi vu muar matzegestalten … a virun allem d'Liewegkeet, den Engagement an d'Häerzblutt vu villen engagéierte Leit ginn engem déi Kraaft – jo déi Loscht. Beim Meco a soss an der Gesellschaft. Et lount sech. Et mëscht Sënn. Et mëscht d'Liewen aus.

An deem Sënn, villmools merci datt Dir hei sidd, en décke Merci fir all déi di gehollef hunn an hëllefen datt d'Fest e Succès gëtt - an op e liewegt flott Fest … a beim Wollef ass dat läscht Wuert nach net geschwat.

Blanche Weber; Presidentin

22.9.2024